De Rapport no der Expeditioun

Virun der Expeditioun sichen sech déi Jonk am Grupp een Thema eraus mat deem si sech wärend der Expeditioun beschäftegen. No der Expeditioun ginn d'Participanten, entweder zesummen oder jidderee fir sech, dem Tuteur oder dem Responsabele vun der Expeditiounen e Rapport iwwert dëst Thema of.

Am Rapport stinn ausserdeem Reflektiounen iwwert d'Expeditioun an d'Zieler déi een sech gesat hat (eleng oder als Grupp). Et ka souwuel ee schrëftleche Rapport sinn ewéi och eng Powerpoint Presentatioun, oder a Form vun engem Film.

Folgend Punkte mussen an engem Rapport erëmzefanne sinn:

- Wien war am Grupp?
- Wéi hutt dir är Expeditioun gemaach: zu Fouss, um Päerd, mam Vëlo…?
- A wéi enger Géigend war se?
- Wat war äert Ziel oder äert Thema?
- Wéi hutt dir äert Ziel/Thema wärend dem Trip ëmgesat?
- A wat ass dobäi erauskomm?
- Sinn et speziell Momenter wärend der Expeditioun ginn iwwert déi dir eppes soe kennt?
- Schreif kuerz wat deng Roll am Grupp war an wéi dir am Team funktionéiert hutt. Wat ass gutt gaangen oder net esou gutt? Wat hutt dir geléiert? Wat géift dir nächste Kéier anescht maachen?

Bei enger Exploratioun ginn am Virfeld scho Recherchen an Iwwerleeungen zum ausgewielten Thema gemaach.